



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2024.64369.SECR

Péteng, den 3. Januar 2025

Betreff: Är Froe vum 2. Dezember 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Schmit Jerry - Tel. : 50 12 51 – 2012)

Här Chris Bernard,

An Ärem Breif vum 2. Dezember 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 3. Dezember 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Eng reguléiert a programmatesch Gemengepolitik ass ee wichtege Pilier fir eng Legislatiounsperiod vu 6 Joer strukturéiert a koordinéiert kënnen ze organisieren.

Een essentiellen Outil ass de Coalitionsvertrag, deen Kompromesser vun de Majoriteitsparteien visualiséiert a den Zieler festsetzt. Duerch d'Planungssecherheet a d'Coherents un deenen d'Zieler ze schaffen déi een sech selwer ginn huet, visualiséiert och de BiergerInnen de Wee.

An de Gemengewahlen waren déi wichtegst Sujeten: "Policepresenz/Sécherheet, Trafic/Transitverkéier, Ëmwelt (Heischwasser, gréng Zonen), Familljepolitik (Verfügbarkeet vu Maison relais fir all Kand/Digitaliséierung am Kllassesall), Wunnengsbau (Sozialwunnengen, abordabel Wunnengsbau).

Wéi stinn eis Majoritéitsparteien zu dësen Themen a wéi solle laangfristeg Léisungen oder Léisungsusätz bis 2029 ausgesinn.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Ass de Koalitiounsvertrag zwëschent der CSV a LSAP fir d'Legislatiounsperiod ëffentlech zougänglech?*

Wann jo iwwert wéi ee Wee (Internetsite, sur Demande) a ënnert wéi engem Format ass dann dëse Koalitiounsvertrag disponibel (digital, Printversioun)?



2. Wéi eng Haaptpunkte sinn an der Ëmweltpolitik am Koalitiounsvertrag 2023-2029 definéiert ginn?

E besonnescht Mierkmal hu Verännerunge vum PAG, spréich "Planification du développement territorial" (hei steet Gemeng Péiteng äusserst schlecht do mat nëmme 36/100 méiglechen Punkte, nom Klimapakt.)

3. Wéi eng Haaptpunkte ginn sech Majoritéitsparteien a Punkto Mobilitéit um Gemengenterrain am Koalitiounsvertrag 2023-2029 ? (CityBus, Vëlosweeër, Sécherheet fir Foussgänger,...)

4. War/ass de Parkingssystem zu Péiteng, mat de Parkueren a mat engem pauschaalem Gratis Stationnement innerhalb vu 24h e Punkt am Koalitiounsvertrag 2023-2029 gewiescht?

5. Wéi eng Zieler hunn sech CSV- LSAP a punkto Logement gesat, e wéi eng Léisunge sti bereet bis 2029?

6. Sécherheet an der Gemeng Péiteng, den "Plan Local de Sécurité" huet sech, no offizieller Säit, säit 2007 net verännert? Wéi eng Moossnamen/Projete ginn an der Legislatiounsperiod 2023-2029 definéiert a realiséiert?

7. Wat gesäit den aktuelle Koalitiounsvertrag 2023-2029 fir eis Senioren a Jugend fir? Wéi eng Moossnamen sollten do ervirgestrach ginn?

8. Wéi eng Upassung gesäit de Koalitiounsvertrag 2023-2029 fir, fir d'Familljepolitik an der Gemeng Péiteng?

Aktuell deet sech déi aktuell wéi och déi lëscht Majoritéitspartei schwéier an der Familljepolitik. De Fokus läit hei onwidderrufflech op de Maison relais, spriech d'Disponibilitéit vu fräie Plaze fir all Kand.

Wéi een Zäitraum huet sech CSV- LSAP gi, fir déi gesetzlechfestgehaalen Disponibilitéit u Plazen an de Maison relais fir all Kanner aus der Gemeng ze garantéieren?

9. Wéi gesäit politesch Verantwortung zu den Theme Sport, Kultur a d'Zesummeliewen an der Legislatiounsperiod (2023-2029) aus?

Mat Respekt,

Chris Bernard

Gemengeconseiller



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

An eisem Schreiwes vum 16. Oktober 2024 un lech, hu mir folgendes matgedeelt:

Heimat bestätege mir den Empfang vun Ärer Ufro betreffend den Erhalt vun enger Kopie vum Koalitiounsprogramm, deen d'CSV an d'LSAP als Majoritéit vun den am Gemengerot vertruedene politesche Parteie fir 2023-2029 beschloss hunn.

Mir informéieren lech, datt d'Koalitiounsofkommes e Vertrag téscht den zwou politesche Parteien ass, déi aktuell d'politesch Majoritéit bilden.

Et handelt sech bei dësem Koalitiounsprogramm deemno net em een Dokument vun der Gemengeverwaltung.

Mir bieden lech dofir, Är Ufro un déi jeeeweileg Sekretariater vun den zwou betraffene politesche Parteien ze riichten, nämlech d'CSV an d'LSAP.

Mat beschte Gréiss,

De Gemengeseekretär,

De Buergermeeschter,

Den „Accord de coalition“ stellt ee parteipoliteschen interne Vertrag téscht verschiddeenen politeschen Entitéiten duer, vun deem d'Gemengeverwaltung keng Kenntnis huet.

D'Aarbechtdokumenter vun der Verwaltung sinn de Budget rectifié, de Budget initial, de Compte administratif an de Compte de gestion.

Fir all Är Froe betreffend den „Accord de coalition“ verweise mir lech, wéi schonn an eisem Schreiwes vum 16. Oktober 2024, un déi zoustänneg Sekretariater vun de concernéierte Parteien CSV an LSAP.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengeseekretär,

De Buergermeeschter,